# DAP EDUCATIOUN
-
# MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN



## DAP EDUCATIOUN

## DAP ÉDUCATION





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

## DAP EDUCATIOUN

**Du hues e gudden Ëmgank mat Kanner? Du kanns dech a Kanner eraversetzen a verstees hir Besoinen? Du sichs eng Beruffsausbildung mat vill praktescher Erfarung a schaffs gären an enger Ekipp?**

**DANN ASS D'FORMATIOUN**
**DAP EDUCATIOUN**
**DAT RICHTEGT FIR DECH!**

Viraussetzung ass eng gepackte 5e an den Accès op den DAP Kategorie A.

D'Beruffsausbildung DAP Educatioun initial dauert dräi Joer a fënnt Vollzäit an der Schoul statt. A fënnef Stagë vu sechs Wochen entdecks du déi praktesch Aarbecht mat Kanner. An der Formation adulte muss du ee Léiervertag an enger Betreiungsstruktur hunn. Du gees zwee Deeg pro Woch an d'Schoul an bass dräi Deeg am Ausbildungsbetrieb.

Exercicer, Videoen a Rollespiller hëllefen dir dobäi, Kanner vun den ënnerschiddlechsten Altersgruppen ze observéieren an esou hir Besoinen ze erkennen. Du léiers, Puppelcher douce a verantwortungsvoll ze versuergen, an d'Entwécklung vu klenge Kanner a Schoulkanner ze begleeden. Du bitts de Kanner Geleeënheeten, ze experimentéieren an dobäi eegestänneg ze léieren. Du handels professionell, bewosst a verantwortungsvoll.

Nom DAP kanns du a Betreiungsstrukture schaffen, z. B. a Maison-relaisen oder Crèchë fir Kanner vun 0-4 a vu 4-12 Joer. Du kanns awer och a sozio-pedagogesche Strukture fir Jugendlecher schaffen.

## DAP ÉDUCATION

**Tu as un bon contact avec les enfants ? Tu aimes t'occuper d'eux et tu es à l'écoute de leurs besoins ? Tu es aussi à la recherche d'une formation professionnelle pratique ? Et tu aimes travailler en équipe ?**

**LA FORMATION**
**DAP ÉDUCATION**
**EST FAITE POUR TOI !**

Pour y accéder, tu dois avoir réussi ta 5e et être admissible en formation professionnelle DAP catégorie A.

La formation initial dure trois ans à plein temps. Au cœur de cette formation, cinq stages de six semaines te permettent de découvrir le travail avec les enfants. Pour la formation adulte tu as besoin d'un contrat d'apprentissage dans une structure d'accueil pour enfants. Tu viens 2 jours à l'école et passe 3 jours dans l'entreprise formatrice.

Grâce à des vidéos, des exercices pratiques et des jeux de rôle, tu apprends à observer des enfants d'âge différents et à reconnaître leurs besoins. Tu découvres comment s'occuper des nourrissons avec douceur, accompagner le développement des (jeunes) enfants et comment contribuer à créer un espace où ils peuvent s'expérimenter librement et ainsi s'épanouir. Tu apprends aussi à agir de manière professionnelle, consciente et responsable.

Après le DAP, tu pourras travailler dans une structure d'éducation et d'accueil, comme les crèches pour les 0-4 ans ou les maisons relais pour les 4-12 ans, ou encore dans des structures d'encadrement pour jeunes.

## DAP EDUCATIOUN - MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN

Auf Deutsch
LN, EPSA, LTB, EPF, LGK, EPMC, LMA, LNB, MLG, NOSL

En français
NOSL, LTC, LMA

Adulte
ENAD

DE & FR

3 Joer/années

Accès / Zugang

5G / 5AD / 5P